

D'CSV ass 2023 ugetrueden, fir d'Land ze moderniséieren a besser fir d'Zukunft opzestellen. D'Regierung huet an dësem Sënn scho villes aus hirem Programm ëmgesat. An d'Deputéiert vun der CSV hunn dëse Prozess duerch hir legislativ Aarbecht an der Chamber konstruktiv a kritesch begleet. Zesumme gëtt eng Politik aus engem Goss gemaach – am Interessi vun Iech a vum Land.

Eng ganz Rei Verspriechen aus dem Walkampf goufen ëmgesat:

- D'Kafkraaft gouf gestäerkt duerch Upassunge vun der Steiertabell
- Geziilt Steiermesuren, gehéichte sozial Hëllefen a vereinfacht Prozeduren ënnerstëtze staark déi am meeschte vum Aarmutsrisiko bedrote Stéit
- Fir d'Wirtschaft ze stäipen, gouf an Infrastrukturprojeten investéiert an d'Betribssteier erofgesat
- Mat 51 Moossname ginn d'Erneierbar Energië méi séier ausgebaut
- D'Sécherheet gouf gestäerkt duerch méi Polizisten a lokal Police-Unitéiten
- Vereinfacht Prozeduren, fir méi a méi séier ze bauen, an den Opkafprogramm vun Neibau-Wunnenge goufen op de Wee bruecht.

D'CSV huet den Usproch, politesch Entscheedunge mat Courage a Verantwortung ze huelen, ëmmer mam kloren Zil, dat Bescht fir Lëtzebuerg a seng Mënschen z'erreechen. Grad a schwéieren Zäite brauch eist Land Courage fir nei Weeër ze goen an eng Politik, déi Stabilitéit, Zesummenhalt an eng sécher Zukunft fir jidderee garantéiert.

Mir komme bei Iech a géingen eis freeën, Iech op eisem Themen-Owend kënnen ze begréissen.

**LAURENT ZEIMET**

*FRAKTIOUNSPRESIDENT*

**LUC FRIEDEN**

*PREMIERMINISTER*

# MARTINE HANSEN

## HEISCHTERGRONN, AGRARINGENIEURIN

## MINISTESCH



Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

Ministesch fir Konsumenteschutz

Sportsministesch

- Dem Martine Hansen ass wichteg, dass de landwirtschaftleche Secteur erhalen an ënnerstëtzt gëtt, dass zesummen eng nohalteg a kompetitiv Landwirtschaft opgebaut gëtt. D'Liewensmëttelproduktioun a -sécherheet si wichteg Deeler vun der Resilienz. A well ee Politik just mam Terrain ka maachen, goufen de Landwirtschaftsdësch an de Wäibaudësch institutionaliséiert
- Déi wichtegst Projeten:
  - den Aktiounsplang fir de Generatiounswiessel, fir jonk Baueren a Wënzer bei Betribsiwwernamen ze ënnerstëtzen
  - d'administrativ Vereinfachungsmesuren am Wäibausecteur a bei der Astellung vu Saisonsaarbechter
  - d'Entwécklung vun der Produktioun vun Uebst a Geméis a Zären
  - d'Sensibiliséierungsmoossname fir lokal Produiten a géint d'Liewensmëttelverschwendung
  - den nationale Plang fir d'Ënnerstëtzung vun der biologescher Landwirtschaft PAN-Bio 2030 an den 1. Nationale Plang fir d'Ernärung
- Am Beräich Konsumenteschutz gouf d'Sammelklo agefouert an am Sport eng onofhängeg Ulafstell fir Integritéit geschaf.

**LINKS OP D'REGIERUNGSSITE VUM MARTINE HANSEN**



# CHAREL WEILER

**39, DIKRECH, JURIST, BUERGERMEESCHTER**

**DEPUTÉIERTEN**



## CHAMBERAARBECHT:

- Als President vun der Aarbechtskommissioun steet de Charel fir eng verantwortungsvoll a gerecht Aarbechtspolitik an huet och an zentralen Dossieren ewéi dem Mindestloun oder der Sonndesaarbecht kloer Positioun bezunn:
  - D'Upassung vum Mindestloun huet hien als Signal fir sozial Kohäsioun verstanen: Eng staark Gesellschaft weist sech dorunner, wéi se déi ënnerstëtzt, déi et am meeschte brauchen
  - Beim Thema Sonndesaarbecht huet hien net a Schwaarz-Wäiss geduecht, mee no engem verantwortleche Gläichgewiicht gesicht: tëscht wirtschaftlecher Realitéit an dem Recht op Rou, Familljeliewen a sozialem Zesummenhalt
- Als President vun der Spezialkommissioun zur Caritas-Affär huet de Charel d'Aarbechten an d'Unhéierunge geleet, fir déi néideg Konklusiounen am Ofschlossrapport ze zéien
- Hien huet och a verschiddenen wichtege Justizdossiere Stellung geholl:
  - D'Reform vum Adoptiounsrecht huet Dieren opgemaach: Och net bestuete Koppelen an Eenzelpersoune kënnen haut engem Kand e séchert Doheem ginn
  - D'Justiz gouf mat den néidege Mëttel an effikasse, modernen Instrumenter gestäerkt, fir schwéier Kriminalitéit konsequent ze bekämpfen
- Als President vun der Sportskommissioun setzt de Charel sech fir staark Sportsveräiner an e liewege Benevolat an, well dëst Engagement d'Réckgrat vun eiser Sportswelt ass

Och an Zukunft wëll de Charel déi verschidden Dossiere mat Rou a Verantwortung begleeden an de Lëtzebuerger Modell weider stäerken.

**LINK OP DE CHAMBER SITE VUM CHAREL WEILER**

## KOMMISSIOUNEN:

President vun der Aarbechtskommissioun

President vun der Sportskommissioun

President vun der Spezialkommissioun „Caritas"

Member an der Justizkommissioun

Member an der Kommissioun fir Mobilitéit an ëffentlech Bauten

Member an der Institutiouns- a Reglementskommissioun



*„De Sozialdialog ass Deel vun eiser DNA. En ass d'Fundament vum soziale Fridden an dem Zesummenhalt an eiser Gesellschaft."*

# AM DIALOG

**DËNSCHDEG, DE 14. ABRËLL,**
**20 AUER AM HOTEL LEWECK**
**LËPSCHTER DÄLLT, LËPSCHENT**

Dir sidd häerzlech invitéiert, fir Iech mat Ärem Premierminister Luc Frieden, mat Ärer Ministesch fir Landwirtschaft Martine Hansen a mat Ären Deputéierten auszetauschen – fräien Entrée, Umeldung net néideg.

- Eng Chance fir Liewensmëttel aus dem ländleche Raum
- Perspektive fir d'Landwirtschaft an déi jonk Baueren
- Chancë fir d'Betriber am ländleche Raum

## MAT EIS DISKUTÉIEREN:

**JOËLLE FERBER**, ADMINISTRATEUR LEADER-BÜRO EISLÉCK

**MARC JACOBS**, GEMÉISBAUER

**JEAN-MARIE NEUBERG**, GENERALDIREKTER BÄCKEREI JOS & JEAN-MARIE

**PAUL „BISI" BISENIUS**, GESCHÄFTSFÜHRER VUN DER MENUISERIE FELLENS, PRESIDENT GUICHET UNIQUE PME



CSV an der Chamber
13, rue du Rost
L-2447 Luxembourg
Tel. : +352 47 10 55 1
Email : csv@chd.lu
www.csv.lu

Version française

KUCKT OCH D'CSV OP SOCIAL MEDIA

CSV AN DER CHAMBER

MIX
Pabeier | Ënnerstëtzt eng responsabel Bëschbewirtschaftung
FSC® C004990
www.fsc.org
PRINTED IN LUXEMBOURG
myclimate Wirkt. Nachhaltig Drucksache
myclimate.org/01-24-906817